N°2358
Entrée le 22.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Et gouf un eis erugedroen, dass Patienten, déi op d'Medikament Pegasys ugewise sinn, zënter Méint mat grousse Problemer konfrontéiert sinn. Dëst Medikament, dat fir genetesch Krankheeten an aner schwéier Erkrankungen agesat gëtt, wier laut den Informatiounen déi mir kruten, an den Apdikten zu Lëtzebuerg net verfügbar.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat ass d'Medikament Pegasys zanter Méint zu Lëtzebuerg net méi ze kréien, obwuel et an eisen Nopeschlänner (Däitschland, Frankräich) nach verfügbar ass?
2. Firwat gëtt et keng Méiglechkeet fir e Remboursement vun der Krankekeess, wann e Patient aus der Nout eraus e liewenswichtegt Medikament am Ausland muss kafen, dëst awer an enger anerer Dosis wéi op der Lëscht vu positive Medikamenter, wëll si sech de Kaf vun der Dosis op der Lëscht net leschte kënnen?
3. Wéi eng konkret Mesurë plangt d'Regierung fir dëse Versuergungsenkpass kuerzfristeg ze behiewen an zukünfteg Enkpäss bei essentielle Medikamenter ze vermeiden?
4. Wéi gëtt sécher gestallt, datt Patiente mat seltenen oder genetesche Krankheeten den Zougang zu deenen néidege Medikamenter hunn, och wann dës net op der standardiséierter Remboursementslëscht stinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten